

PL 6418 relatif à l'organisation du casier judiciaire

Gilles Roth

Haerr President,

Dir Dammen an Dir Haerren,

Mat dem Gesetzesprojet 6418 moderniséieren mir den Casier judiciaire.

De Casier-wéi en eigentlech am Volleksmond heescht- gëtt de Moment vun engem Règlement grand-ducal aus dem Joër 1976 geregelt.

Mir schaffen elo fir den Casier eng gesetzlech Basis. Si dréit den modernen Standarden vun dem Dateschutz Rechnung.

De Casier gëtt an Zukunft elektronesch gefouert.

Mir kommen mat dem neien Gesetzesprojet och eisen Verpflichtungen an der Justizsummenarbecht op europäeschen Plang no.

Haerr President,

Eischten Fro: *Firwat brauchen mir eigentlech een Casier?*

Den Casier judiciaire ass esou eppes wéi dat strofrechtlech Gediechnis vun engem Bierger. Sinn ech strofrechtlech veruerteelt ginn-dann kënnt dës Condamnatioun- wann se dann an engem definitiven Gerichtsurteel festgehal ass -an mäin Casier stoen.

Dat geht vun enger schwéierer Strofdot –wéi dem Mord- bis zu engem Verstouss géint de Code de la Route.

Den Casier ass demno een séier wichtegt Dokument. Quasi all Bierger gëtt emol domat an sengem Liewen konfrontéiert.

Dozou kuerz dräi Beispiller. Stinn ech virun Gericht als Recidivist-also Wiederholungstäter- jo dann ass meng Strof an der Regel méi héich wéi wann ech mir nach nie eppes ze Schëlden kommen gelooss hun.

Duerfir plaidéieren d’Affekoten oft dass den Casier vun hierem Client eidel-oder *vierge ass*-fir eng méi mëll Strof ze kréien oder ganz einfach een Sursis.

Aneren Kontext, wann ech wëll wielen goen oder gaer gewielt géif ginn-dann daerf ech nët zu enger Verbriechen condemnéiert sinn. D’Walrecht kann mir och bei einzelnen Delikter oferkannt ginn.

Abee dës Informatiounen kommen duerch den Casier iwwert de Wee vun dem Parquet op déi jeweilig Gemeng-déi d’Wielerlëschten aktualiséiert.

Schliesslech kréien ech wann ech eng Arbecht sichen oft vum Patron een Extrait aus dem Casier gefrot fir kënnen nozeweisen, dass ech strofrectlech nët negativ ofgefall sinn.

Zweete Fro: *Wat gött dann elo an de Casier ageschriwwen?*

Mee wéi dat bis elo de Fall war, ginn weiderhin an de Casier ageschriwwen all rechtskraefteg Urteeler déi eng sougenannten peine criminelle-also eng Strof fir een Verbriechen- oder eng correctionnelle Strof- an der Regel also fir een Delikt- zréckhalen.

Am Kloërttext heescht dat all definitiv Verurteelung vun méi ewéi 8 Deeg Prisong oder méi ewéi 251 euros Geldstrof.

Derbäi kommen verschidden sougenannt Contraventiounen-also méi liicht Strofdoten, grad ewéi gréisser Verstéiss géint den Code penal militaire.

Verkéierdelikter ginn weiderhin ageschriwwen.

Fueren ech also an engem alkooliséierten Zoustand an ginn dowéngst veruerteelt, kënt dat an mäin Casier stoen.

Nët méi ageschriwwen gëtt an Zukunft eng gerichtlech Verurteilung wéngst Falschparken.

Nei ginn ageschriwwen déi sougenannt mesures de placement am Kader vun dem Artikel 71 aus dem Code penal-dat heescht déi Faell wou een Taeter nët zourechnungsfaehg war an dofir nët strofrechtlech verantwortlech ass fir seng Strofdot.

Et ginn nët nëmmen Verurteilungen vun lëtzebuerger Strofgerichter an de Casier ageschriwwen ginn-mee och Verurteilungen vun Lëtzebuerger duerch auslaennesch Gerichter.

Dat spillt fir Gerichter aus europäeschen Memberstaaten mee och fir Gerichter aus Drëttlaenner.

Nei ass, dass fir eng Strof déi duerch een Gericht aus engem aneren europäeschen Memberstaat ausgesprach gouf-keng sougenannten *double incriminatioon* méi muss bestoen.

Konkret heescht dat-dass wann ech zum Beispill an Däitschland wéngst Steierhannerzéihung veruerteelt ginn-dat och an mäin Casier stoen kënt obschon mir strofrechtlech bei eis just den Steierbetrug kennen-also eng *escroquerie fiscale*.

Nei ass och, dass Strofdoten déi vun enger Handelsgesellschaft begaangen goufen och an den Casier stoen kommen.

Mir kennen jo bekanntlech zanter dem Joër 2010 déi sougenannten *Responsabilité penale* vun den personnes morales.

Drëttten Punkt. *Wat gëtt bei enger Strofdot konkret an den Casier ageschriwwen?*

Mee d'Strofdot selwer, d'Strof déi gesprach gouf, den Datum vun dem Gerichtsurteil, mee och eng eventuell fréihzäiteg Entloossung oder eng Grâce respektiv eng Amnistie. Bei enger Rehabilitatioun gëtt d'Aschreiwung gestrach.

Véierten Punkt. *Den Casier gëtt vereinfacht!*

Wéi ass d'Situatioun haut? Haut ënnerscheeden mir tëschend 3 verschidden Bulletinen aus dem Casier.

Den Bierger deen haut een Extrait aus dem Casier freet, kritt den sogenannten Bulletin no 3.

Dat ass zum Beispill de Fall wann ech mech op eng Arbechtsplaz virstellen ginn. Nëmme déi concernéiert Persoun kann deen Extrait froen-also keen Friemen.

Am Bulletin no 3 sinn nëmme Prisongstrofen opgelëscht déi fir een Verbriechen oder Delikt-also aus méi schwéieren Strofdotengesprach goufen.

Wéi geht et dann elo an Zukunft weider?

An Zukunft faellt den Bulletin no3 ewech. Et gëtt demno nëmme méi den Bulletin no1 an den Bulletin no2.

Konkret gëtt an Zukunft –wéi bis elo-op den Bulletin no1 all Strofen ageschriwwen déi am Casier stinn.

Dësen Bulletin ass zougänglech fir d'Justiz, fir eisen Member bei Eurojust an fir d'Autoritéiten aus den EU Memberstaaten oder Drëttstaaten.

Op dem Bulletin no 2 stinn all Condamnatiounen drop mat Ausnahm vun Decisiounen déi eng Prisongstrof vun manner ewéi 6 Méint mat Sursis zréckbehalen.

Jo an wat ass d'Konsequenz fir de Bierger dovunner?

Wann den Bierger an Zukunft een Extrait aus dem Casier freet, dann kritt hien den Bulletin no2 ausgehaendegt.

Dat heescht, dass op deem Extrait deen hien freet-an Zukunft ënnert Emstaenn-méi Strofen drop stinn.

Konkret heescht dat, wann een bis elo 9 Méint mat Sursis krut war dat nët op dem Extrait vun dem Casier ze gesinn, elo steht dat op dem Extrait deen een ausgehaendegt kritt drop.

Dat Selwëscht gëlt fir Verkéiersdelikter.

Sinn ech also an alkoholiséiertem Zoustand gefuer an gouf ech dowéngst veruerteelt, dann war dat bis elo nët um Extrait vun dem Casier ze gesinn, abee elo steht dat op dem Extrait vun dem Casier drop.

Den Sënn ass eng méi grouss Transparenz.

Fënneften Punkt: *Wien huet an Zukunft Zougank zu dem Casier?*

Abee hei fannen déi nei Standarden vun dem Dateschutz nawell hieren Néierschlag.

Den Casier judiciaire gëtt an Zukunft elektronesch ënnert der Autoritéit vun dem Procureur general gefouert.

Asicht an den globalen Relevé hun an Zukunft nëmmen nach d'Justizautoritéiten fir Zwecker vun enger strofrechtlecher Prozedur.

Et muss dofir och een formellen Untrag gestallt ginn op Basis vun Bulletin no 1.

Dat heescht een Zivilrichter zum Beispill an enger Schedungsaffair huet keng Asicht.

Mee och eng Justizautoritéit aus engem europäeschen Memberstaat kann hei zu Lëtzebuerg den Casier vun engem Lëtzebuenger oder enger lëtzebuenger Gesellschaft déi hei hieren Sëtz huet an Zukunft froen, virausgesat et leeft eng stroferechtlech Prozedur am Ausland géngt den Lëtzebuenger.

Dat heescht fir een Lëtzebuenger deen zu Bréissel virun engem Strofgericht steht, verfuegt den Parquet zu Bréissel iwwert saemtlech stroferechtlech Donneen vun daer betreffener Persoun.

An wéi ass et dann elo mam Bulletin no 2, also den Extrait aus dem Casier deen all Bierger kann selwer ufroen?

Majo hei gëtt et och eng fundamental Aennerung. Bis elo konnten verschidden Ministären, Staatsverwaltungen, jo esouguer d'Eisebunn an d'Spuerkeess den Bulletin no 2 ufroen zum wann eng Persoun sech op eng Plaz gemellt huet.

Dat ass gang ouni Accord vun der betreffener Persoun.

Dat geht an Zukunft nët méi. D'Justizkommissioun huet op dësem Punkt op Uroden vun der Dateschutzkommissioun och den urspruenglechen Projet de loi emgeaennert.

An Zukunft huet nach just déi betreffen Persoun Zougank zu dem Bulletin no2. Dat heescht konkret wann ech mech op eng fräi Plaz bei Staat mellen, muss ech an Zukunft selwer een Extrait aus dem Casier bei meng Demande bäileeën.

Eenzeg Ausnahm. De Staatsminister huet Accès zum Bulletin no2 fir déi sougenannt distinctions honorifiques.

Wann ech also een Gielchen kréien brauch ech nët virdrun dem Staatsminister een Extrait vum Casier ze schécken.

Justizautoritéiten aus Dröttlaenner-zum Beispill der Schwaiz- hun och op Ufro Zougank zu dem Bulletin no 2 wann si mat enger Strofprozedur géint een Lëtzebuerger oder eng lëtzebuerger Entreprise befaasst sinn.

Séchstes Punkt. *Wéi ass et dann elo bei engem Astellungsgespréich am Privatsekteur?*

Mee och hei huet d'Justizkommissioun op Uroden vun der Dateschutzkommissioun eng gesetzlech Basis ageschriwwen.

Een Patron kann bei der Astellung mee och bei der spéiderer Gestiou vun sengem Personal een Extrait aus dem Casier verlangen.

Dat ass dann an Zukunft den Bulletin no2 wou, wéi gesot méi Informatiounen drop stinn.

Zum Beispill gesäit een Patron-eng Busentreprise, mee och d'Eisebunn- deen een professionellen Chauffeur astellt an Zukunft op dem Extrait vum Casier wat fir eng Verkéiersdelikter den Salariaé begaangen huet. Dat war bis elo nët de Fall.

Anert Beispill, eng Bank, déi zum Beispill een Verdacht huet dass een Matarbechter wéngst Faelschung veurteelt gouf-esouguer an engem aneren Land- kann een Extrait vun dem Casier vun der betraffener Persoun froen.

Den Gesetzesprojet gesäit awer ausdrécklech vir, dass den Extrait vun dem Casier, respektiv d'Informatiounen déi drop stinn vum Patron kënnen maximal 24 Méint gehalen ginn.

Siewenten Punkt. *Méi Secherheet gengtiwwer Delikter op Mannerjaehregen.*

De Casier soll och zum Schutz virun méiglechen Strofdoten bäidroen.

Dat zielt besonnesch um Niveau vun der grenziwwerschreidender Justizsummenarbecht.

Opgrond vun enger europäescher Direktiv steet an dem Gesetzesprojet eng speziell Bestëmmung dran beim Astellen vun Persounen déi mat Kanner ze dinn hun.

Ausléiser war déi bekannten Penalaffair *Fourniret*.

Hei handelt et sech em een Fransous- deen verurteelt gouf op mannst 10 Morden an Vergewaltegungen un jonken Meedercher begaangen ze hunn.

Hien huet an der Belge an enger Schoulkantine geschafft an dat obschon en schons virdrunner an Frankräich wéinst sexuellen Agressiounen un Mannerjaehregen condamnéiert gouf.

Wann an Zukunft eng Persoun sollt agestallt ginn fir eng Aktivitéit wou se regelméissegen Kontakt mat Kanner huet, dann kann den Patron mat dem Accord vun der betraffener Persoun- een Relevé aus dem Casier kréien vun saemtlechen Condamnatiounen fir Infraktiounen géintiwwer Mannerjaehregen.

Dës Bestimmung zielt nët nëmmen bei professionellen Aktivitéiten – wéi zum Beispill enger Crèche-mee och bei benevole Aktivitéiten wéi zum Beispill engem Traineramt bei engem Sportsveräin, engem Dirigent bei engem Jugendorchester, engem Verantwortlechen vun enger Scoutstrupp.

Achten Punkt. *Huet den eenzelnen Bierger Asicht an säin Casier?*

Jo dat ass zu jiddfer Zäit méiglech. De Gesetzesprojet garantéiert enger Persoun Zougank zu den Aschreiwungen an dem Casier déi si betrëfft.

Et ass och d'Méiglechkeet vun engem Recours géint eng
Aschreiwung virgesinn.

Dëst geschitt mat enger einfacher Requête bei der Chambre du
Conseil vun der Cour d'appel.

Ningten Punkt. Den Gesetzesprojet regelt och den
Informatiounsaustausch vun de Casieren tëschend den europäischen
Memberstaaten.

Dofir informéiert den Procureur général déi jeweilig auslaennesch
Zentralautoritéit vun all Condamnatioun déi gengt een Auslaenner
virun engem lëtzebuerger Gericht gesprach gouf.

Zum Beispill wann een Belge hei zu Lëtzebuerg condamnéiert gëtt,
dann kritt den belschen Parquet déi Informatioun.

Dat selwëscht zielt natierlech fir een Lëtzebuerger deen zu Bréissel
condamnéiert gëtt.

Déi Informatioun kënnt op Lëtzebuerg an dann gëtt dat hei an den
Casier ageschriwwen.

Deen System besteet zum Deel elo schons op Basis vun bilateralen
Accorden.

Elo gëtt dat mat enger europäischer Kaderdecisioun EU-wäit geregelt.

Mir setzen si mat dësem Gesetzesprojet och emsetzen.

D'Ziel dovunner ass an engem gemeinsamen europäischen
Rechtsraum méi Sécherheet ze schafen.

Zingten an leschten Punkt. *Wéi ass et mat den Bierger déi am Laf
vum Joër d'lëtzebuerger Nationalitéit kréien?*

Mee do gëtt de Justizminister dem Parquet général all Joërs eng Lëscht mat denen concernéierten Leit an dem Extrait vun dem Casier aus hierem Hemechtsland deen si bei den Naturalisatiounsansrag b ài hun missten léeen.

Esou ginn déi Leit dann och mat hierem eventuellen Passé judiciaire hei an eisem lëtzebuerger Casier repertoriéiert.

Haerr President,

Dat waren vereinfacht an méi praktesch duergestallt déi Haptpunkten vun dem Gesetzesprojet.

Ech verweisen fir de Rescht op mäin schrëftlechen Rapport.

D'Organisatioun vun dem Casier judiciaire ass eng ganz sensibel Matière.

D'Justizkommissioun hat elf Sitzungen iwwert dësen Gesetzesprojet.

D'Endfassung iwwert déi mir haut ofstëmmen dréit den Objektivungen vun dem Staatsrot an den Recommandatiounen vun der Datschutzkommissioun Rechnung.

Ech soen den Memberen vun der Justizkommissioun Merci fir hier ganz konstruktiv an fouilléiert Interventiounen.

Dat selwëscht gëlt natierlech fir eisen Justizminister an seng Conseilleren.

Ech ginn heimat och d'Zoustëmmung vun der CSV Fraktioun.

Merci fir d'Nolauschteren.

